

Discours de Michel Reckinger à l'occasion du Pot des Présidents en date du 15 janvier 2018

(seul le discours prononcé fait foi)

Här Chamberspräsident, Fernand Etgen

Här Mëttelstandsminister, Lex Delles

Madame Familljenminister, Corinne Cahen

Madame Ëmweltminister, Carole Dieschbourg

Här Aarbechtsminister, Dan Kersch

Här Educationnsminister, Claude Meisch

Dir Dammen an Hären Deputéiert

Dir Dammen an Hären Verrieder aus de Ministère a Verwaltungen

Dir Hären Presidenten an Direkter vun der UEL

Dir Damen an Hären Presidenten an Comitésmemberen aus de Fachverbänn,

Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Handwierk,

Den Tom Oberweis an ech wëllen Iech alleguer ganz häerzlech op dem gemeinsamen Neijoersempfang vun der Chambre des Métiers an der Fédération des Artisans begrüessen.

Am Numm vum Handwierk wënschen ech Iech an Ären Familljen e glécklecht a virun allem e gesond neit Joer.

Wéi gewinnt hunn mer den Owend e ganzt gemëschtend Publikum. Chefs d'entreprises aus dem Handwierk an aus anere Secteuren. Vetrieder aus de Ministère a Verwaltungen an natierlech eng ganz

Rei vun Fraen a Männer, déi politesch Verantwortung droen, sief et an der Chamber, an der Regierung oder an de Gemengen.

Aer Präsenz haut weist är Verbonnenheet mam Handwierk.

D'Handwierk zu Lëtzebuerg, dat sinn 7.000 Betriber, déi ronn 90.000 Mataarbechter beschäftegen. D'Handwierk zu Lëtzebuerg ass eng staark an diversifiéiert Communautéit mat méi wéi 100 Beruffer, déi flächendeckend hier Produiten an Servicer ubidden. D'Handwierk zu Lëtzebuerg ass och oft eng Familljegeschicht, op alle Fall e Secteur, deen vu Familljewäerter geprägt ass, mat engem staarke Lien tëscht dem Patron a SENGE Leit.

All fënneften Salarié ass an engem vun eise Betriber beschäftegt an domat ass d'Handwierk den éischten Employeur am Land. Mat méi ewéi 1.700 Apprentien si mer och deen éischten „ausbildende Betrib“. De Secteur ass Synonym fir Pérennitéit a Stabilitéit. D'Handwierk ass och e bemierkenswäerten Integratiounssecteur an een zentralen Acteur vun der Nohaltegkeet zu Lëtzebuerg!

D'Handwierk ass leider och e Secteur ënner Drock. Manque de main-d'oeuvre, feelend Terrainen wou Betriber sech implantéiere kënnen, eng onzefriddenstellend Situatioun an der Berufsausbildung an eng Tendenz zu PME-inkompatibele Rahmebedingungen sinn Facteuren déi eis grouss Suergen maachen.

Dir Dammen an Hären,

Iech all probéiere mer um Ufank vun dësem Joer an e puer kuerze Messagen ze soen wéi eise Secteur denkt, wat e fillt a vléit och wat en fäert wann en an d'Zukunft kuckt.

Hei bannen, op deenen puer honnert Quadratmeter, steet e gudden Deel vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg, iwwehall do wou dat an engem europäeschen a globale Kontext nach méiglech ass, politesch, sozial an ekonomesch Weichen kënnen stellen. Dat ass natierlech der Gréisst vum Land geschëllt. Obwuel kleng, muss Lëtzebuerg déi selwecht Défien meeschten, mat der selwechter Komplexitéit

ëmgoen an de selwechten institutionellen Opwand bedreiwen wéi eis grouss Noperen. Mam Ënnerscheid, dass mir, à la fin du compte vill manner Moyenen an och vill manner Leit hunn fir des Aufgaben ze stemmen. Manner Moyenen, manner Leit. Dat heescht och, dass mer d'Ressourcen déi mer hunn, sënnvoll asetze mussen, an dass mer eis ënnerdeneen verstoen an enk zesumme schaffe mussen.

An der leschter Zäit, wou déi nei Regierung sech forméiert huet hunn vill auslännesch Medien op Lëtzebuerg gekuckt, an sech d'Fro gestallt wéi esou e klengt Land et fäerdeg bréngt, seng Plaz an der Welt ze fannen an ze behaupten, wa sech an de Länner ronderëm diffus a komplex Problemer zouspëtzen an sech a Phänomener wéi Brexit, Gilets jaunes an politeschem Nationalismus äusseren.

Et ass een Fakt dat Lëtzebuerg eng Rei Erfollegsrezepter huet, déi fir seng Réussite maassgebend waren an och haut nach sinn.

Een vun de wichtegsten Elementer an der Equatioun ass d'„Vertrauen“. Mir kommen aus enger Zäit, wou d'Vertrieder aus der Politik, der Ekonomie an de Gewerkschaften op enger gemeinsamer Vertrauensbasis opbauen konnten. Vertrauen heescht natierlech net, dass jiddereen sech an allem eens ass, an dass et keng ënnerschiddlech Meenungen gëtt. Ganz sécher net. Et gouf awer eng Zort Grondvertrauen, e gedeelten Verständnis, dass mer zu Lëtzebuerg alleguer an engem Boot setzen, an dass mer just weider kommen, wann d'Richtung kloer ass, an wann mer all bereet sinn zesummen an déi Richtung ze rudder.

Fir d'Zukunft optimal ze gestalten ass et wichtig, dass all Acteur, nieft sengen méi spezifeschen Uleies, och ëmmer dat grousst Bild an de gemeinsame nationalen Intérêt am Kapp huet.

Et ass sécherlech och dat Vertrauen tëscht eenzelen Leit un der Spëtzt, dat an der Vergaangenheet eng Roll gespilt huet an dat an de nächsten Joen decisiv wäert sinn, fir dass een a wichtige Dossierer séier kann agéieren a Léisungen fannen.

En weidere Facteur, deen am Kontext vum Modell Lëtzebuerg genannt gëtt, ass deen, dass et der Politik oft gelongen ass eng Visioun fir de Standuert Lëtzebuerg ze entwéckelen, gekoppelt un ee feint Gespier fir ekonomesch Opportunitéiten an eng gutt Portioun Entrepreneursgeesch.

D'Finanzplaz, déi de Grondsteen vun eisem ekonomesche Succès war, an zu engem gudden Deel haut nach ass, berout op enger politescher Visioun an op politeschem Entrepreneursgeesch.

Den Telekommunikatiounssecteur, mat der SES als Häerzstéck an Katalysator, ass d'Resultat vun enger politescher Visioun an politeschem Entrepreneursgeesch.

Dir Dammen an Hären,

Am Ufank vum Joer 2019 stellen ech mir d'Fro, ob mir zu Lëtzebuerg nach ëmmer eng global politesch Visioun fir eis Ekonomie a fir eise Standuert hunn. Et stellt sech d'Fro, ob d'Politik den Entrepreneursgeesch deelt oder op mannst d'Ambitioun huet fir déi grouss Weichen ze stellen. Oder musse mer dovunner ausgoen, dass d'Ekonomie e Selbstläufer ass, an dass den politeschen Défi haaptsächlech dora besteet, d'Friichten vun der ekonomescher Aktivitéit ze verdeelen?

Wann dat esou wier, wier dat natierlech eng ganz geféierlech Entwécklung.

Fréier huet et nach geheescht: „*Wann et dem Betrib gutt geet dann geet et och dem Salarié gutt*“ a vice versa. Haut heescht et „*Wann et dem Land gutt geet, dann soll et och de Leit gutt goen*“. De Betrib ass aus der Gläichung verschwonnen an dat fanne mer schued!

Dir Dammen an Hären,

D'Fro, déi sech och am Ufank vun 2019 stellt, ass op dat Grondvertrauen tëscht den verschiddeenen Acteuren nach präsent a staark ass?

Mir sinn der fester Iwwerzeegung, an eis Kollegen vun der UEL deelen déi Iwwerzeegung, dass mer zu Lëtzebuerg e gutt Verhältnis tëscht der Politik an allen Deeler vun der Ekonomie brauchen, dat op Vertrauen, op géigesäitegem Nolauschteren an op Respekt baséiert. E Verhältnis an deem en oppenen Dialog gefouert gëtt a wou d'Argumenter vun deem engen an deem aneren Gehéier fannen.

Mir sinn och der Iwwerzeegung, dass Politik sech als Ganzes fir déi ekonomesch Viraussetzungen vun eisem Sozial- a Wuelfaartsstaat interesséieren muss an do fest an der Verantwortung steet. Mir sinn och der Iwwerzeegung, dass e klengt Land wéi Lëtzebuerg et sech net erlaben kann, eng Politik ouni Entrepreneursgeescht ze hunn, ouni Gefill fir Equiliberen an Opportunitéiten.

Dat ass keng Erausforderung, wou eleng de Finanzminister, den Ekonomiesminister an de Mëttelstandsminister gefuerdert wäeren. Dat ass eng Erausforderung, déi eis all eppes ugeet.

Mir hoffen, dass d'Regierung un engem richtegen Dialog interesséiert ass, wou net just eenzel Meenungen e Ressentien eng Roll spillen, mais wou och d'Argumenter vun den Employeursorganisationen aus der UEL an hiren honnerten Benevollen an de ronn 35.000 Betriber hei am Land consideréiert ginn.

An de verschiddene Verbänn a Chamberen sinn honnerte vun Chefs d'Entreprises éierenamtlech aktiv a setzen sech fir hire Beruff, hire Secteur an hir Mataarbechter an. Et ass op Grond vun hirem Feedback an hiren Suergen, wou mir eis Positiounen definéieren an net op e Coup de Tête vun eenzelne Verrieder vun den Verbänn, esou wéi dat op politescher Säit dacks duergestallt gëtt.

Am Neijoersinterview op RTL huet de Premier e ganz negativt Bild vun der Lëtzebuerger Ekonomie an de Betriber gezechent. Déiwe Mindestloun, negativen Impakt op d'Ëmwelt, Steierdumping asw. Keen Wuert iwwert de Beitrag dee gelescht gëtt. Keen Wuert

doriwwer, dass och d'Betriber berechtegt Uleies hunn, deenen misst Rechnung gedroen ginn.

Och d'Chefs d'Entreprises sinn Bierger vun dësem Land an och hir Positiounen mussen Gehéier fannen amplaz dass se mat e puer méi oder wéineg plakativen Consideratiounen einfach op d'Säit gewëscht ginn.

Et ass net esou wéi Lëtzebuerg erfollegräich ginn ass, an et ass garantéiert net esou wéi Lëtzebuerg wäert erfollegräich bleiwen.

Als Handwierk lancéiere mer dofir en Appell un all concernéiert Acteuren fir d'Vertrauensbasis tëscht der Politik an der Economie, déi fir eis d'Land esou wichteg ass, ze bekräfigen an wann néideg z'erneieren.

Dir Dammen an Hären,

Am Dezember vum leschte Joer huet sech eng nei Regierung forméiert. Déi nei al Koalitioun huet entretemps och e Regierungsprogramm virgeluecht, deen mer natierlech opmierksam gelies hunn. Mir kënnen den Owend net op all Punkt agoen. An de kommenden Wochen a Méint wäerte mer awer den Tour bei di verschidden Ministère maachen fir éischt Gespréicher op Basis vun dem Regierungssaccord ze féieren.

Am Kader vun der Regierungsbildung gouf de Ressort vum Mëttelstand aus dem Kompetenzberäich vum Ekonomiesminister erausgeholl a mam Lex Delles gouf erëm en eegestännege Mëttelstandsminister mam Ressort betraut. Dëst war fir eis engersäits een positivt Zeechen, well d'Wichtegkeet vun de klengen a mëttleren Betriber ënnerstrach gëtt. Aanerersäits hunn esouwuel den Etienne Schneider wie de Lex Delles ënnerstrach, och weider wëllen zesumme ze schaffen wie wann et een integreiert Minister wier, wat jo besonnesch fir Beräicher wie d'Innovatioun oder och d'Aktiviteitszonen immens wichteg ass.

D'Fédération des Artisans an d'Chambre des Métiers sinn zouversichtlech, dass mer an der Persoun vum Här Delles een

interessierten an offenen Usprichpartner hunn, fir op de villen Dossieren, wie z.B. de Pacte PRO Artisanat oder der annoncierter Reform vum Droit d'Établissement konstruktiv zesumme ze schaffen, an nach esou munch aner ambitiéis Initiativ am Interêt vum Handwierk a vum Mëttelstand op de Wee ze bréngen.

Här Minister Delles, mir freeën eis op déi zukünfteg Zesummenaarbecht an dir wäert gesinn, dass dir mat der Chambre des Métiers an der Fédération des Artisans zwee zuverlässig Partner bei der Promotioun vum Lëtzebuerger Handwierk op Ärer Säit hutt.

Mat Munchem, wat vun der neier Regierung am Accord de coalition zeréckbehalen gouf, kënne mer averstane sinn. Op anere Punkten stelle mer eis Froen wat d'Repercussiounen notamment op d'Handwierk an déi Kleng- a Mëttelbetriber wäerte sinn.

Een Thema, wat d'Handwierk schonn säit längerem beschäftegt ass de sougenannte Fachkräftemangel. Ëmmer méi Betriber hunn massiv Problemer nach qualifizéiert Mataarbechter ze rekrutéieren, déi awer dringend gebraucht ginn, fir mat der héijer Nofro an der wuessender Komplexitéit vun eise Beruffer eens ze ginn.

An enger rezenter Ëmfro déi mer gemaacht hunn, soen 95 Prozent vun den Chefs d'Entreprises, dass si grouss bis ganz grouss Problemer hunn fir qualifizéiert Personal ze rekrutéieren.

D'Groussregioun, déi fir d'Handwierk e wichtege Vivier ass fir qualifizéiert Mataarbechter ze kréien, ass och un senge Grenzen ukomm.

Heiheim ass d'Formation professionnelle problematesch. Mir kréien net genuch gutt jonk Leit déi en Handwierk léieren oder d'Viraussetzungen matbréngen fir eng Léier erfollegräich ofzeschléissen. Déi successive Reformen hunn keng Léisung bruecht.

An eiser Analyse kënnt der Orientation Scolaire eng zentral Bedeitung zou. Et muss eis geléngen, den Apprentissage erëm als positiven

Bildungswee z'etabléieren, an net juste als lescht Optioun, wenn alle Stricke reissen.

D'Handwierk huet fir all jonke Mënsch mat all Zort vun Virqualifikatiounen interessant Carrièrespektiven ze bidden. Mir brauchen méi Passerellen déi an d'Handwierk féieren. Sief dat Schüler aus allen Niveauen aus dem Lycée, vum pratique, iwwert den technique bis an den classique oder Studenten déi e Studium fäerdeg gemaacht oder ofgebrach hunn. Wann mer méi a besser virqualifizéiert jonk Leit an d'Handwierk orientéieren, kréie mer och d'Beruffsausbildung erëm an de Grëff.

An deem Kontext ass och d'Initiativ vum Educationminister Claude Meisch ze begréissen, fir d'Méiglechkeet ze schafen en schouleschen Ofschlossdiplom parallel zu enger Beruffsausbildung z'absolvéieren.

Wat fir eis als Handwierk net a Fro kënnt, ass eng weider Ofwärtung vum Apprentissage, juste dass herno méi jonk Leit mat engem Diplom an der Täsch do stinn. Beruffsausbildung huet eng aner Finalitéit wéi d'Schoul. Hei geet et drëms fir e Beruff ze léieren, den herno am Betrib a beim Client muss ausgeübt ginn. Do bleift net vill Spillraum fir Interpretatiounen an do kann een och keng Lacune verstoppen.

Mir brauchen Exzellenz an net Mëttelméissegkeet, dat ass hei de mot d'ordre.

Dofir, wann eng dual Beruffsausbildung erhalen bleiwen soll, wou d'Schoul an den Ausbildungsbetrib op Aenhéicht mateneen funktionéieren, da muss de Rôle vun de Betriber am System gestärkt ginn. Wann d'Betriber an hier Vertrieeder d'Gefill hunn, si wieren dat 5. Rad um Won, dann sinn se iergendwann discouragéiert a sichen no anere Léisungen.

D'Enquête vun der Fédération des Artisans huet gewisen, datt nach ganz vill Betriber zum Modell Handwierk a senger dualer Beruffsausbildung stinn.

Dës positiv Grondstëmmung sollt een netzen fir d'Formatioun an d'Oriëntatioun zesummen mat den Ausbildungsbetriber endlech erëm op déi richteg Schinnen ze setzen.

An deem Kontext ass jo och d'Chambre des Métiers amgaangen den Brevet de Maîtrise grondlegend ze reforméieren. Een groussen Merci geet hei un den Här Meisch fir seng Ënnerstëtzung, virun allem déi finanziell. D'Formation professionnelle brauch finanziell Mëttelen a Manpower fir ze funktionéieren an där net de Parent pauvre vum lëtzebuurger Bildungssystem sinn.

Nieft der Formation initiale gëtt d'berufflech Weiterbildung am Handwierk ëmmer méi wichteg. Fir ganz vill Betriber gehéiert eng permanent Weiterbildung vun hire Mataarbechter zu enger normaler Betribsentwécklung, a stellt en zentralt Element duer fir Kompetenzen ze kréien a Kompetenzen ze erhalen.

Virun 15 Joer as den IFSB gegrënnt ginn, an de 4. Oktober d'lescht Joer hunn mer um Krakelshaff zu Beetebuerg de Grondsteen fir 2 weider Centres de Compétences geluecht, déi an de nächsten 2 Joer op dem Site wäerten entsto. Am Beräich vum Génie technique a vum Parachèvement hu mer mat eisen Centres de Compétences eng praxisno a strukturéiert Weiterbildungsoffer fir eis Betriber geschaf, wou entretemps schon 8.500 Mataarbechter a gutt 1.000 Formatiounen forméiert goufen. Zesummen mam IFSB sinn mer zu Lëtzebuerg an enger Situatioun, wou mer fir déi ganz Filière vum Bau eng koherent, vun de Betriber finanzéiert, Weiterbildungsoffer hunn. Dat ass europawäit eenzegaarteg, an aner Secteuren hu souguer schon hiren Interêt ugemellt fir och hir Weiterbildung nom Modell vun de Centres de Compétences z'organiséieren.

Dir Dammen an Hären,

En weidert Thema wou mer als Organisatioun ganz vill Feedback aus de Betriber kréien ass dat vun der Organisatioun vun der Aarbecht.

Wei schonns gesot, hunn d'Betriber Problemer qualifizéiert d'Personal ze rekrutéieren. Dobäi kommen awer nach eng ganz Rëtsch vun Mesuren aus der Vergaangenheet an neie Propositionen, déi et de Betriber nach méi schwéier maachen hier betribelech Ofleef z'organiséieren an hier Aktivitéit um Lafen ze halen.

2016 sollt dat sougenannten d'Pan-Gesetz am Sënn vun enger verbesserter Kompetitivitéit vun de Betriber reforméiert ginn. Resultat vun der Reform war, dass d'Regierung eng eesäiteg Decisioun geholl huet, déi kloer en Défaveur vun den Employeuren gaangen ass. Dat Gesetz ass also an der Praxis eng Doutgebuert. Den Asaz eisersäits an déi „Verhandlungen“ war onnéideg an en Zäitverloscht!

Parallel huet Regierung awer och eng ganz Rei Mesuren geholl fir d'Vereenbarkeet vun Famill a Beruff ze verbessern. Déi Mesuren hu mir als Employeuren och ëmmer positiv begleitet. Wat Regierung net gemaach huet, ass de Betriber op hirer Säit d'Méiglechkeet ze ginn fir mat där neier zousätzlecher Flexibilitéit zu Gonschten vun hire Mataarbechter och eens ze ginn.

Egal op wat fir engem Niveau an a wat fir enger Kompositioun Verhandlungen tëscht de Sozialpartner, mat oder ouni Regierung, gefouert ginn, sief et am Kader Tripartite oder bei enger Kollektivvertragsverhandlung, d'Ambitioun vun sou Verhandlungen muss ëmmer sinn, op eng Win-Win-Situatioun ze kommen, wou sech all Parteien dran erëmfannen.

Wann d'Resultat vun esou genannten Verhandlungen vu vir eran bekannt ass, a wann esou Verhandlungen systematesch zum Nodeel vun den Employeuren ausginn, dann, Dir Dammen an Hären, brauche mer eis net ze wonneren, wann d'Bereetschaft, fir eis op esou eng Démarche anzeloossen, méi wie begrenzt ass.

D'Situatioun um Terrain ass bei verschiddenen Betriber ganz eescht!

Mir kennen Betriber, déi Leit am Reclassement hunn, am Congé parental, am Congé paternel, am Congé de maladie. Déi hu keen méi dee kann produktiv Stonnen leeschten, fir dass d'Païen bezuelt kënne ginn an dass de Betrib iwwerliewe kann.

Et ass och net domat gedoen, dass de Lounausfall bezuelt gëtt. Och fiskal Adaptatiounen déi de Betriber versprach ginn hëllefen näischt, wann eng Majoritéit vun eisen PME net dovunner ka profitéieren! D'Betriber kënnen keen Ëmsaz maachen, deen se awer brauchen fir z'iwwerliewen.

Dat ass méttlerweil keng Randerscheinung méi, mee e generaliséierte Problem vu klengen a méttleren Betriber.

Wéi solle kleng a mettelstännesch Betriber mat deenen Rahmebedingungen eens ginn?

Ass sech d'Regierung dëser Situatioun bewosst?

De fréieren OGBL-Präsident John Castegnaro sot: „Komm mir sträichen d'Kou awer mir schluechten se net, well mir wëlle jo och muer nach Mëllech hunn“. Haut héiert dat sech op mannst fir PME'en un wéi „Komm mir sträichen d'Kou bis se futti ass!“

Dir Dammen an Hären,

D'Betriber brauchen Instrumenter fir mat der neier, zousätzlecher Flexibilitéit, déi d'Regierung vun uewen erof décréteiert, eens ze ginn. Mir brauchen nei kontraktuell Instrumenter, wéi Pooling, Lockerungen am Intérimaire, eng Ausweidung vum Prêt temporaire de main d'oeuvre an Ouverturen bei den zäitlech begrenzten Aarbechtsverträg, fir op méintlaang Absencen vun Mataarbechter reagéieren ze kennen.

Mir proposéieren och fir kleng a mettelstänneg Betriber eng Limitatioun vum gläichzäitegen Congé Parental op maximal 10% vun der Belegschaft anzeféieren. Sinn 10 Prozent vun der Belegschaft am Congé parental, müssen zukünfteg Demanden an der Zäit

gestaffelt kënne ginn, fir dass de Betrib nach eng Aktivitéit kann oprecht erhalen.

Wann do keen Ëmdenken stattfënnt, gesinn mir an der nächster Zäit ganz grouss Problemer op eis duer kommen, déi och net mat e puer politesche Sloganen aus dem Wee geraumt kënne ginn.

Am Regierungsaccord liese mer, dass nach weider Mesuren geplangt sinn wéi Congé parental plus, Recht op Deelzäit, Aarbechtszäitkonten.

Mir kënnen eis net virstellen, dass et am Interêt vun enger Lëtzebuenger Regierung ka sinn eng Politik ze maachen, déi frontal géint kleng a mëttel Betriber geriicht ass an hinnen hir Funktiounsgrondlag entzitt.

Op alle Fall wäerte mir, genau wéi aner Employeursverbänn, eis schwéier doen, Verhandlungen unzufänken, wann mer wëssen, dass d'Resultat egal wéi fir eis negativ wäert sinn, an dass mer juste um Dësch sëtzen fir virgefouert ze ginn. Mir sinn net géint en Dialog, mee mir wëllen dës Kéier en richtegen an ergebnisoppenen Dialog, den di villbeschwueren win-win-Situatiounen fir ALL bedeelegt PARTNER och tatsächlech erméigelecht!

Dir Dammen an Hären,

Nieft dem Fachkräftemangel, nieft der Formatioun, nieft der Organisatioun vun der Aarbecht ass d'Pénurie vun Nidderloosungsméigelechkeeten fir kleng a mëttel Betriber e weideren Problem, den eis scho laang beschäftegt.

Och hei sinn keng einfach Léisungen ze fannen. Elo liese mer am Regierungsaccord, dass Gewerbezonnen nom Modell vun der Economie Circulaire sollen geplangt an organiséiert ginn. An deem Kontext froe mer eis natierlech wat dat an der Praxis heescht, an op dann en Handwierksbetrib nach eng Chance huet fir an esou enger Zone ënnerdaach ze kommen. Vlëit kéint eis d'Regierung och do Opschloss ginn, wou oder op iwwehaapt nach en Handwierksbetrib zu Lëtzebuerg erwünscht ass. Mir gesinn jo elo grad

zu Suessem mat engem neien Parkreglement fir den ZARE, wéi d'Handwirksbetriber quasi gezwonge ginn fir sech no aneren Alternativ-Standuerter ëmzekucken, well se vun der Gemeng net méi gedult ginn.

D'Thematik „Zones d'activités“ ass awer net deen eenzegen Sujet am Beräich Landesplanung. Eng efficace Logements- an Mobilitéits-Politik wäerten an den nächsten Joeren entscheidend sinn fir Lëtzebuerg – an domadder och fir d'Handwierk – méi attraktiv a liebenswäert ze maachen. D'Chambre des Métiers an d'Fédération des Artisans sinn prett fir mat den zoustännegen Ministeren een konstruktiven Echange op dësen Dossieren ze lancéieren.

Dir Dammen an Hären,

E weidere wichtege Punkt ass deen vum Dumping social. Mir hu jo eng Erhéijung vum Mindestloun ëm 100 Euro geplangt, en neie Congés- respektiv en zousätzleche Feiertag. Et kommen deemno ëmmer méi Sozialmesuren dobäi déi d'Betriber mussen respektéieren an och finanzéieren.

An deem Kontext ass et enorm wichteg, dass och Betriber déi aus dem grenznoen Ausland, an oft nach doriwwer eraus, op Lëtzebuerg schaffe kommen, an déi auslännesch Betriber, déi Mataarbechter op Lëtzebuerg détachéieren, sech un di selwecht Regelungen an Léin halen. Mir kënnen eis et net erlaben, dass de Lëtzebuerger Betrib, deen sech un alles hält an alles bezilt, à la fin du compte deen Dommen ass.

Wann e Schräinerbetrib vun Bitburg op Déifferdeng schaffe kënnt, da muss hien sengem Salarié net nëmmen 8 Stonnen Tarifloun bezuelen mee och op mannst 2x2 Stonnen Trajet all Dag. Dat heescht 12 Stonnen, déi hien dem Client ze fakturéieren huet. Wann en sech un d'Gesetzer hält, da muss hien dat sou maachen. Wann en dat effektiv géif maachen, da géif en d'Commande net kréien.

Dofir brauche mer eng staark ITM, déi d'Kompetenzen an d'Moyenen huet, de Marché anstänneg ze kontrolléieren an déi schwaarz Schof ze sanktionéieren. Mir brauchen vléit och nach aner Initiativen, fir den Sozialdumping an Schwaarzaarbecht effektiv op all Niveau ze bekämpfen. Mir sinn op alle Fall Demandeur fir mam Aarbechtsminister a mat aneren concernéierten Stellen méi am Detail iwwert den Dossier ze schwätzen.

Dir Dammen an Hären,

Zwou wichteg Erausforderungen kommen op d'Handwierk zou: déi éischt betrëfft den energeteschen Wandel an déi zweet de Beräich vun der Digitalisatioun.

Digitale Marketing, digital Geschäftsmodeller, Prozessmanagement, Automatiséierung sinn Tendenzen déi scho méi laang am Gaang sinn, an déi an den nächsten Joeren eng ëmmer méi grouss Roll an de Betriber spille wäerten. Mir müssen an dësem Beräich, ewéi och am Energieberäich, eis Betriber informéieren a motivéieren d'Chancen vun dësen Evolutiounen ze notzen.

Am Kontext Digitaliséierung ass d'Handwierk ganz aktiv. D'Chambre des Métiers huet Ufank 2018 den Service eHandwierk an d'Liewen geruff, deen d'Missioun huet, Betriber z'informéieren, ze sensibiliséieren an bei hiren Démarchen z'orientéieren. D'Fédération des Artisans huet am Mee vum läschte Joer hire Portal wedo.lu lancéiert, op deem méttlerweil 400 Betriber am Beräich vum digitale Marketing aktiv sinn.

No enger phase-pilote vun engem halwe Joër mat ronn 20 bedeelegte Betriber wäerten d'Fédération des Artisans an hier Kompetenzzentren an e puer Wochen och den Centre de Compétences Digitalt Handwierk virstellen, den Handwierksbetriber mat engem Projet am Beräich vun der Transformation digitale strategesch ënnerstëtzen wäert. Dëse one-stop-shop proposéiert konkret a praxisno Berodung un mat engem komplette Paak an de Beräicher Investitioun a Finanzement gekoppelt und di neideg

Formatiounen vum Betriebschef an senge Matarbechter. Mat grousser Satisfaction hu mer am Koalitiounsakkord gelies, dass dëse Modell weider soll ënnerstëtzt ginn. Dofir am Viiraus ee grouse Merci.

Ee speziellt Uleies vun eis ass d'Ëmsetzen vun Moossnahmen déi den „level playing field“ garantéiert tëscht der virtueller an der reeller Ekonomie, an dat a villen Domainer: am aarbechts- am sozial-rechtlechen, an am fiskaleschen Domaine.

Dir Dammen an Hären,

D'Handwierk ass e staarken an dynameschen Secteur. Eis Betriber sinn Partner bei all groussen Zukunftsprojeten déi op eis d'Land duerkommen. Als Fédération des Artisans an Chambre des Métiers wëlle mir konstruktiv an oppen mat der Regierung an eisen Partner op deenen Dossieren zesummeschaffen.

Doriwwer eraus sinn d'PME'en dat prägend Element vun eiser Ekonomie. Kleng a mëttelstännesch Betriber brauchen adaptéiert Rahmebedingungen fir dass se kënne funktionéieren an dat leeschte kënnen, wat vun hinne verlaangt gëtt.

Dofir proposéiere mer, zesumme mat der Regierung, eng „Agenda fir d'Handwierk“ opzesetzen mam Zil den Artisanat, als épine dorsale vun eiser Ekonomie, z'ënnerstëtzen. Dës Agenda soll Mesuren ëmsetzen, bei der Grënnung a bei der Reprise vun Entreprises, bei der Implantatioun a bei der Exploitatioun, bei der Koordinatioun vu verschiddene Politikberäicher am Sënn vun enger besserer PME Kompatibilitéit, bei der Reduzéierung a Begrenzung vun den Chargen, speziell fir déi kleng Betriber, sief et um finanziellen oder um administrativen Niveau. Et wier wichteg dat d'Investissementsfreedegkeet vun eisen PME géif iwwert esou eng Initiativ Opdriff kréien. Hei sinn vill nei Iddien formuléiert, déi och an Zesummenaarbecht mat aneren Acteuren, ewéi der SNCI, sollten diskutéiert an ëmgesat ginn.

Vir drun hat ech gesot, dass d'Vetrauen tëscht de Verrieder aus der Politik, der Economie an de Gewerkschaften e wichtegen Erfollegsfacteur fir Lëtzebuerg war. Och haut mussen Economie a Regierung sech zu Lëtzebuerg openeen verloossen kënnen. Mir mussen een Partenariat begrënnen, wou mer eis géigesäiteg héieren a verstinn, sou dass mer e kloere Bléck op gemeinsam Defien kënnen hunn. Mir brauchen staark a belaaschtbar Equiliberen, wou och kleng a mëttel Betriber sech erëmfannen.

Dat ass, dir Dammen an Hären, wat sech d'Handwierk am Ufank vun dësem Joer géif wënschen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet. Wéi gewinnt ass et eise Liewensmëttelverband, deen sech den Owend ëm eis këmmert. hinnen ee groussen Merci.

Wéi üblech huet d'Chamber an d'Federatioun op Neijoerschkaarten verzicht a mir ënnerstëtzen dofir een Hëllefprojert mat engem Don an Héicht vun 5.000 Euro. Dëst Joer ass de Choix op d'Organisatioun « Hëllef fir d'Kanner vun Fortaleza » gefall. Dat ass eng Asbl déi vun eise Handwierkerkolleg Roland Herzog an d'Liewe geruff gouf, an déi sech fir defavoriséiert Kanner a Brasilien asetzt. Ech geif Iech alleguer elo nach em e puer Minutten Gedold bieden, wann den Här Herzog eis hei säi Projert kuerz presentéiert.

Nach eng Kéier e glécklecht a gesond neit Joer an nach e schéinen Owend hei am Haus vum Handwierk.

Luxembourg, le 15 janvier 2019